



Den 20. Juli 2023 war ëm 14:00 Auer déi éischt ëffentlech Gemengerotssitzung no de Gemengewalen. Fir déi Neigewielte Jos Koecher a Beatrice Kabers war et deemno eng Première.

Um Ufank vun der Sitzung huet de Buergermeeschter eng Schäfferotserklärung ofginn. Dës Schäfferotserklärung wäert an der nächster Nummer vum BisInfo publizéiert ginn a soll d'Pläng vum Schäfferot fir déi nächst 6 Joer graff duerstellen. Et ass sécherlech intressant, fir ze vergläichen, wat aus dem Walprogramm vun Är Leit net an der Schäfferotserklärung zréckbehale gouf.

1. Tableau de préséance des membres du conseil communal

Entsprechend de Virschrëfte vum Gemeindegesetz gouf den neien Tableau de préséance opgestallt. Dësen Tableau déngt haaptsächlech dozou, fir ze klären, wien temporär e Schäfferotsmember ersetze kann.

1. Roger Saurfeld
2. David Viaggi
3. Georges Lucius
4. Carlo Mulbach
5. Joëlle Fagny
6. Cindy Barros Dinis
7. Kevin Englebert
8. Christian Hoscheid
9. Loïc Brune
10. Jos Koecher
11. Béatrice Kabers

2. Répartition des charges au sein du Collège des bourgmestre et échevins

D'Schäfferotsmemberen hunn déi eenzel Ressorten esou ënner sech opgedeelt :

David Viaggi

Aménagement du territoire
Bauten
Kierfecht
Finanzen
Wunnengsbau
Mobilitéit
Office social

	Personal Service technique Ëffentlechkeetsaarbecht Sécherheet CGDIS Sport Jugend
Roger Saurfeld	Kultur Ëmwelt & Bësch Ofwaasser Tourismus 3. Alter
Cindy Barros Dinis	Chancëgläichheet Schoul, Maison Relais & Crèche Offall Relatioun vun den auslännesche Matbierger

Et fällt op, datt déi 2. Schäffin de Ressort « 3. Alter » dem 1. Schäffe Roger Saurfeld iwwerlooss huet an datt de Buergermeeschter zousätzlech d'Jugend a senge Kompetenzen huet.

3. Lotissements

Um Eck vun der Rouschterstrooss mat der Rue J.-P. Ecker war ëmmer virgesinn, datt – ähnlech ewéi déi Haiser ënnendrënner – dräi Haiser unenaner als Reienhaiser géife gebaut ginn. De Gemengerot huet engem Promoteur elo den Accord ginn, op dëser Plaz en Duebelhaus opzeriichten.

Op Ufro vu Creos ginn hir zwou Parzellen am ZAC Am Seif an eng eenzeg Parzell fusionéiert.

4. Actes notariés

Géint d'Stëmme vun der CSV-Fraktioun huet de Gemengerot säin Accord ginn, fir d'Wunnhaus op der Nummer 20 an der Rue de Moulins ze kafen. Dëse Kaf belaascht d'Gemeengekeess mat 1.190.000 Euro an hei soll (an ass) e Verbindungsweg tëschent der Rue des Moulins an dem Parking hannert dem Musekshaus an der Rue de la Gare entstoën. D'CSV-Fraktioun huet monéiert, datt de realiséierte Verbindungsweg net « PMR-gerecht » ass.

D'Creos krut d'Geneemegung fir en Traffo-Schaf an der Bléi opzeriichten. Dësen Traffo déngt enger sécherer Stroumversuergung vun der Senioreresidenz Am Park.

5. Approbation d'un devis

An der Sitzung vum 22. Mäerz 2023 hat de Gemengerot seng Zoustëmmung ginn, fir Containeren um Parking hannert dem Musekshaus opzeriichten. An de Rez-de-chaussée kënn et eng Crèche an op den 1. Stock Klasseraim fir de 4. Cycle.

Elo huet de Gemengerot en Devis iwwer 298.899,97 fir de Mobilier gestëmmt. Hei wäert et e staatleche Subsid vu ronn 110.000 Euro ginn.

6. Convention de mise en oeuvre du Pacte Logement 2.0

Den 30. September 2021 hat d'Gemeng eng initial Konventioun zum Pacte logement 2.0 ënnerschriwwen. Doropshi gouf mat engem Conseiller logement e Plan d'action local logement ausgeschafft, deem den 2. Mäerz 2023 vum Gemengerot ugeholl gouf. Fir d'Ëmsetze vun dësem Aktiounsplang gouf elo eng « Convention de mise en œuvre » gestëmmt. Domadder kritt d'Gemeng staatlech Subside fir weiderhin e Conseiller logement ze finanzéieren.

7. Contrat de location

Eng Flüchtlingsfamill aus der Ukrain ka fir e weidert Joer gratis an engem Gemengenappartement op 4 route de Colmar wunnen.

8. Règlement de circulation

Vum 21. August un ass d'Rouschterstrooss tëschent de Stroossen « Chemin de Bousbiere » an « Rue J.-P. Ecker » komplett fir den Trafic gespäert. De Buergermeeschter huet versprach, datt schonns am Duerf op dëse Chantier opmierksam gemeet gëtt, fir ze vermeiden, datt zevill Autoen duerch d'Wunnquartiere vun der Bléi a vum Steekräiz fueren.

9. Subsidies à des associations non-locales

En Deel vum Entréesgeld fir den Zirkus ZappZarap gëtt un d'Associatioun « Ile aux clowns » weiderginn (2.000 Euro).

De Kannergemengerot huet de 5. Juli Kuch fir 330 Euro verkaaft. Dofir mécht d'Gemeng elo en Don vun 1.000 Euro un d'Associatioun « Een Häerz fir kribbskrank Kanner ».